Réunion du Conseil Communal du 07/12/2009

Rapport officieux et en résumé

1. Informations et divers et questions émanant des conseillers communaux

Le conseil communal, entend les communications d'usage de Monsieur le bourgmestre ainsi que les questions émanant des conseillers communaux.

2. Finances communales :

a) présentation du compte de gestion et compte administratif de l'exercice 2008

Le conseil communal, entend Monsieur le bourgmestre présenter le compte de gestion et le compte asministratif de l'exercice 2008.

Dir Dammen an Hären Schäffen a Gemengeconseilléen,

Allgemeng Bemierkungen

Opgrond vun dem Artikel 163 aus dem Gemengegesetz présentéieren ech haut dem Gemengerot d'Ofschlosskonten vun dem Joër 2008.
Et sinn dëst d'Konten vun dem aachten Exercice fir deen dëse Schefferot d'politesch Verantwortung dréit. Op Wonsch vun dem Gemengerot geschitt d'Virstellung vun dën 2008er Ofschlosskonten virun der Présentatioun an dem Vote vun dem Budget rectifié fir d'Joër 2009 an dem Budget fir d'Joër 2010.
Am Géigesatz zu dem Budget, déen eng Aschätzung vun de geplangten Recetten an Dépënsen virgesäit, gin d'Konten nämlech Opschloss iwwert déi reell getätegt Einnahmen an Ausgaben op den 31.12. vun dem betreffenden Exercice.
Och erlaabt de Kont ët dem Gemengerot déi sougenannten véridicité budgétaire anzeschätzen, d.h. festzestellen a wéi engem Mooss d'Estimatiounen vun de Recetten an den Dépënsen am Kader vun der Opstellung vun dem Budget der Realitéit entsprach hunn.
Ofschlosskonten vum Joer 2008.

D'Eckdaten vun dem 2008*er* Kont sinn an der Tabell 1 nach eng Kéier opgefouert :

Tableau 1

	Service Ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	22.468.284,22	7.940.440,06
Total des dépenses	16.121.228,23	17.187.555,86
Boni propre à l'exercice	6.347.055,99	
Mali propre à l'exercice		-9.247.115,80
Mali du compte 2007	-1.369.865,85	
Boni général	4.977.190,14	
Mali général		-9.247.115,80

Transfert ord./extraord.	-4.977.190,14	+4.977.150,14
Mali définitif		-4.269.925,66

Aus dësem Tableau gesinn mir datt d'Joer 2008 mat engem Mali définitif vun 4.269.925,66 € ofgeschloss huet.

Compte ordinaire 2008

Den Total vun den uerdentlech Einnahmen beleeft sech am Joer 2008 op 22.468.284,22 €.
Déi uerdentlech Recetten sin par rapport zum Joer 2007 ëm 5,45 % geklommen.
Déi uerdentlech Dépënsen louchen am Joër 2008 bei 16.121.228,23 €. Si waren domat ëm 2.501.079,63 € méi héich éwei am Joër 2007.

Tableau 2

Excercice	2001 compte	2002 compte	2003 compte	2004 compte	2005 compte	2006 compte	2007 compte	2008 compte
Report d'exercice	10 485 334,69	8 689 870,54	2 100 794,60	-1 051 340,61	59 825,71	1 393 561,50	1 615 442,40	-1 369 865,85
Recettes ordinaires	15 127 493,50	15 654 505,10	17 011 700,60	18 121 740,20	16 887 238,98	19 057 611,78	21 306 739,61	22 468 284,22
Dépenses ordinaires	8 019 106,93	9 846 814,31	11 463 332,72	10 614 924,23	11 434 554,52	12 604 033,36	13 620 148,60	16 121 228,23
Recettes extraordinaires	2 166 608,70	15 687 386,35	12 731 650,62	9 261 919,16	13 284 298,07	8 762 917,16	9 268 112,85	7 940 440,06
Dépenses extraordinaires	11 070 459,42	28 084 153,08	21 432 153,71	18 202 951,33	14 857 864,22	14 994 614,68	19 940 012,11	17 187 555,86
Report d'exercice	8 689 870,54	2 100 794,60	-1 051 340,61	59 825,71	1 393 561,50	1 615 442,40	-1 369 865,85	-4 269 925,66
Impôt commercial	6 593 136,91	7 280 145,42	7 943 487,70	6 722 033,05	7 093 863,45	7 717 870,27	9 029 133,23	8 877 259,24
Dotation de l'Etat	5 121 740,09	5 128 114,39	5 456 690,84	5 969 181,30	5 892 896,25	7 015 580,24	7 758 728,80	8 511 748,54
Emprunt: intérêts	76 559,11	63 916,82	60 712,68	26 177,47	43 397,41	277 611,06	616 723,32	879 502,51
Emprunt: amortissements	105 354,75	100 587,56	126 319,56	98 248,00	141 578,85	357 765,67	431 288,91	666 726,63
Dettes à long terme								
BGLL (1993-2013) 85 MIOS	1 307 638,34	1 207 050,78	1 080 731,22	0,00	840 904,37	785 987,22	687 739,22	589 491,22
BCEE (2005-2025)					4 000 000,00	3 806 507,24	3 701 930,57	3 536 450,64
BCEE (2006-2026)					4 000 000,00	3 890 570,47	3 788 108,03	3 626 131,34
CCRA (2007-2027)							7 939 825,93	7 694 408,36
BCEE (2007-2027)							2 000 000,00	1 939 892,45
Total à rembourser	1 307 638,34	1 207 050,78	1 080 701,22	0,00	8 840 904,37	8 483 064,93	18 117 603,75	17 386 374,01

Am Joër 2008 beleeft sech d'Zomm vun de staatlechen Einnahmen un der Gewerbesteier an der Dotation de l'Etat op 17.389.007,78 €. Dat sinn 601.145,75 € méi wéi am Joër 2007.
Aus dem Tableau 3 gesi mir datt déi uerdentlech Gesamteinnahmen am Kont 2008 ëm ronn 5,52 % méi héich louchen wéi am Budget 2008 ageschat. D'Dépënsen louchen am Kont 2008 em 4,91 % méi héich wéi ursprünglech ageschat.

Tableau 3

	Budget init. 08	Budget rect. 08	*Compte 2008*	Différence B.I./Compte
Recettes ordinaires	21.380.347,00	22.253.359,88	22.468.284,22	5,08849188 %
Dépenses ordinaires	15.365.493,00	16.225.753,00	16.121.228,23	4,91839234 %
Boni ordinaire	6.014.854,00	6.027.606,88	6.347.055,99	5,52302666 %

An dem Tableau 4 (Annexe) sinn am Detail d'Differenzen bei den uerdentlechen Einnahmen an Ausgaben zwëschent dem Budget initial, dem Budget rectifié an den Ofschlosskonten 2008 opgefouert.

- D'Rubrik Enseignement huet eis insgesamt 4.261.307,58 € zu Buch geschloen. U staatlechen Subsiden hu mir 717.950,12 € kritt. Et bleiwen also Nettokäschten fir eis Gemeng vun 3.543.357,46 €.
- D'Musikcoursen an Zesummenaarbecht mat der UGDA, hunn eis 2008 297.204,33 kascht. Mir kruuten staatlech Subsiden vun insgesamt 120.462 €. D'Aschreiwungen an di verschidden cours'en hun eis 25.600 € bruecht. Demno leet d'Gemeng bei der Museksschoul insgesamt 151.142,33 € bei.
- D'Gestioun vun dem Offall, deen ons Gemeng zum groussen Deel iwwert de SICA mécht, ass an dem Kont 2008 mat ronn 734.330,73 € veruschlagt. Dem stinn 819.805,87 € Recetten déi aus de Mülltaxen an dem Verkaf vun Dreckskëschten kommen, géintiwwer.
- D'Kläranlag huet eis ingesamt 917.578,45 € am Joër 2008 kascht. D'Recetten un Klärtaxen louchen awer nëmmen bei 422.252,01 €. Hei haten mir en Defizit vun 495.326,44 €.
- Waasserkäschten haten mir fir ronn 756.008,84 €. Recetten um Waasser sinn era komm fir TTC 917.893,71 €
- D'Rubrik „Administration Générale" schléit mat ron 2,25 Milliounen zu Buch.

Compte extraordinaire 2008

Ech kommen elo zu dem aussergewéinlechen Recetten an Dépensen. Aus dem Tableau 5 gesait een eng Géintiwwerstellung vun dem Ofschlosskont 2008 an dem Budget initial respektiv dem Budget rectifié vun dem Exercice 2008.

Tableau 5

	Budget init. 08	Budget rect. 08	Compte 2008	Différence B.I./Compte en %
Recettes extraordinaires	12.420.203,00	8.375.625,00	7.940.440,06	-30,23891713 %
Dépenses extraordinaires	18.503.863,00	17.681.525,80	17.187.555,86	- 7,11368831 %
Mali extraordinaire	6.083.660,00	-9.305.900,80	-9.247.115,80	51,99922086 %

Am Joër 2008 sinn 17.187.555,86 € investéiert ginn.
Den ausseruerdentlechen Ausgaben stinn extraordinär Recetten vun 7.940.440,06 € entgéint. Dës kommen haaptsächlech vun verschidden Subsiden an Infrastrukturtaxen:
Déi wichetgst heivu sinn

- 6.193.059,53 € Subsid fir den Kinneksbond,
- 67.770 € Subsid fir den Terrain vun der SNHBM am Lotissement „op Edemer",
- 106.093,71 € fir d´Kanaluschlosstaxen,
- 146.191,22 € Subside fir étude d'assainissement,
- 1.269.213,40 € un Infrastrukturtaxen,

Dat ganzt mecht e Mali extraordinaire vun 9.247.115,80 €. Setzt een deem den Iwwerschoss am ordinäre Kont vun 6.347.055,09 € entgéint, dann hu mir e Mali propre à l'exercice fir d'Joër 2008 vun 2.900.060,71 € .
De compte 2008 weist demno e mali définitif vun 4.269.925,66 € op.

Investissementer a Groussprojeten

Den Tableau 6 (Annexe) léscht am Detail fir d'Joër 2008 d'Investissementer an déi eenzel Projet'en op.

Déi gréissten Dépensen waren

- 11.979.345,73 € fir de Schoulkampus „Kinneksbond",
- 202.476,06 € fir neien Fuhrpark,
- 121.541,77 € fir de Bau vun engem neien C.I.,
- 231.383,45 € études d'assainissement,
- 357.414,63 € fir den Domaine Beaulieu,
- 269.899,53 € Kanalarbechten an 3 Uertschaften
- 971.463,09 € fir Gasleitungen an der Gemeng,

Ofschléissend Bemierkungen

1) D'Présentation vun den 2008er Konten baséiert gréisstendeels op der vun deenen vireschten Exercicen. D'Diskussioun iwwerloossen ech deenen eenzelnen Fraktiounen am Gemengerot.
2) Ech wëll ofschléissend vun dëser Plaz dem Gemengesekretär Guy Glesener, dem Jean-Paul Jost, dem Marco Versall, dem Diane Coenjaerts Merci soen fir hier Aarbecht bei der Opstellung an der Presentatioun vun den 2008er Konten an hir Mataarbecht bei der Présentatioun vun dëse Konten. Ouni hieren Asatz wieren d'Dokumenter fir de Kont vum Joër 2008, de Finanzplang, de Budget rectifié 2009 an de Budget 2010 op dësen Daag nët fäerdeg gewiescht. Dem fréieren receveur Steve Steichen an dem Christian Steinborn soen ech Merci fir hier exact a gewëssenhaft Buchféierung.

D'Diskussioun an de Vote vun den 2008er Konten fënnt am Prinzip statt nodeems se vum zoustännegen Service de comptablilité vum Inneministär aviséiert gi sinn, ët sief dann de Gemengerot wënscht sech eng Diskussioun vidrun. Ech soen Merci fir d'Nolauschteren.

b) présentation du budget rectifié de l'exercice 2009 et du budget initial de l'exercice 2010

Le conseil communal, entend Monsieur le bourgmestre présenter le budget rectifié de 2009 et le budget initial de 2010.

Madame, Dir Häeren Scheffen a Gemengeconseilléen,
Léif Vertrieder vun der Presse,

No desem 2ten Adventssonndeg steieren mir op Krëschtdaag lass. Eng Zäit vun der Virfreed, vun der Besënnung, vum Nodenken. Et ass och mëttlerweil den 10ten Advent wou ech d'Éier hunn, bei der Budgetsvirstellung Rechenschaft iwwert d'Féierung vun der Mamer Gemeng ofzeleeën. Nët ëmmer war déi Adventsstëmmung dobäi esou bedächteg, wéi villäicht dëst Joër. Et war och net d'Wirtschaft an d'Konjunktur déi eist Liewen dobäi schwéier gemaach haten, mee dat Mënschlécht oder soss erlee wat engem vill Kapzerbrieches bereed hat. Mee déi Zäit, ass elo Geschicht an den „ Avenir läit bekanntlech an der Zukunft"….

Madame, Dir Häeren,
Villes huet sech an denen leschten 10 Joër hei an der Gemeng gedoen. D'Erscheinungsbild vun Mamer, Cap an Holzem huet sech zanter hier geännert. Denen engen gefaellt ët, aner hun domat hir Probleemer. Et kann een no guddem Glaw an Gewëssen handelen. Jiddferengem mécht een et nët gerecht. Dat läit an der Natur vum Mënsch. Dat ass esou an der Demokratie. Op dës Majoritéit hir Hausaufgab gudd gemaach huet, dofir kréien mir an ronn 2 Joër eis Zensur. Bis dohinn féieren mir dat wat mir versprach an ugefangen hunn, zu Enn. Aneres, sëtzen mir nach op d'Schinn.

D'Zäiten hunn sech an der Gemeng geännert. Dobaussen bléist och méi e rauen Wand. An dobäi stellt sech fir de Budget vun eiser Gemeng d'Fro, op et op de Caper an Holzemer Koppen, grad wéi am Mamer Juckelsbësch nach nët zevill stiermt.

Finanziell stiermt et bei eis an der Gemeng nach nët. Mir hunn do nach dat néidegt Klengholz fir och an engem méi raue Wanter, den Uewen ze hëtzen.

24 Milliounen € uerdentlech Recetten, wäert eis Gemeng 2010 era kréien, méi wéi e Véierel dovunner, also 6,5 Milliounen € bleiwen no de lafenden Käeschten disponibel.

Dat ass eis Stäerkt, mee dofir hunn mir vill geschweest an trainéiert. Mir hun iwwert déi leschten 10 Joër een kontinuéierlechen Boni gehat vun 6,5 Milliounen €, den Boni dëst Joër 2009 läit dobäi esouguer bei 7,2 Milliounen €.

Dat wäert eis an der Zäit vun 2000 bis 2011 erlaben, mat den staatlechen Subsiden, Investissementer vun ronn 200 Milliounen € ze maachen. Dat sinn 8.000 Milliounen däer aler lëtzebuerger Frang. Bis elo hunn mir an deenen leschten 10 Joër duerchschnëttlech 16,50 Milliounen € , 660 Milliounen Frang pro Joër, an iwwert 3 Milliounen lëtzebuerger Frang pro Schaffdag an Infrastrukturen an Gebäier investéiert.

Dass mir dat konnten maachen läit wesentlech un 2 Elementer. Eng Aktivitéitszon mat dichtegen Betriber an der Gemeng, eng steigend Zuel vun Awunner.

Am Joër 2009 krut eis Gemeng ronn 9,75 Milliounen € Gewerbesteier, dat sinn iwwert 80% méi wéi virun 10 Joër, an ronn 8,4 Milliounen € Dotation de l'Etat, dat sinn iwwert 90 % méi wéi am Joër 2000. D'Verhältnis tëschend Gewerbesteier an Dotation de l'Etat hält sech bei eis d'Gläichgewicht. An dat as gudd esou.

An der Gemeng Mamer wunnen de Moment ronn 7.400 Leit. Bedingt duerch de Pacte Logement an den Opdeelungsschlëssel vun Gewerbesteier an Dotation de l'Etat kritt eis Gemeng pro Joër fir all neien Awunner iwwert engem Basiszuwues vun 74 Leit, 8.250€

(6.750€ aus dem Pacte logement, 1000€ aus der Dotation de l'Etat, an 500€ aus dem Dëppen vun der Gewerbesteier).

Bei denen Zuelen erdroen ech gäeren eenzel kritesch Stëmmen vum „kleng Manhatten" oder „ bauen, bauen, bauen". Bei enger Gesamtfläch vun 28 km2 gëtt et bei eis an der Gemeng nach genuch Grings.

Am CIPA, an der Schoul um Kinneksbond, am Park Brill, an den modernen a sécheren Wunnquartieen, op de Spillplaatzen, sëllechen Spazéierweeër, an funktionnellen Sport- a Fräizaitanlagen, op kulturellen Manifestatiounen fillen d'Leit sech och nët friem.

Gudd ëffentlech Verkéieruschlëss an liicht erechbar Akaafszentren zielen fir vill Leit mëttlerweil och zur Liewensqualitéit. Dëst ass dem Schefferot an dëser Majoritéit hier Usicht vun enger moderner Gemeng. Mat eiser Aarbécht wäerten mir an dësem Sënn virun fueren.

All déi, déi sech eng aner Approche virstellen, mussen dann awer och soen, wéi déi soll ausgesinn an wéi si déi da gingen finanzéieren. Well vum selwen geet et nët. Warme Reen gëtt et och keen zu Mamer, besonnesch nët an dësen Zäiten. Demno avis aux amateurs!

Ech kann an muss och novollzéien kënnen, dass nët jiddfereen mat eiser Approche vun der Gemengeféierung d'accord as. Eppes kann een eis nët reprochéieren: et wier keng politesch Féierung do….. och dat gouf ët emol an der Zäit zu Mamer…..an déi Féierung géif nët wëssen wat si mecht.

Vun Pilotage à vue hält dësen Schefferot jiddenfalls séier wéineg. Déi sech nët dovunner iwwerzeecht fillen, recommandéieren ech an der Krëschtvokanz d'lecture vun de Schefferotserklärungen aus de Joëren 2000 an 2006 an denen ganz Kriteschen, déi eenzel Wahlprogrammer.

An dem mat der oranger Faarw stungen jiddenfalls d'Zuelen vun dem geplangten Iwwerschoss vun 6 Milliouen € dran. Et stung och drann, dass gengen nei Lotissementer erschloss ginn, et ass och gesot ginn wou dat de Fall wäer.

Vermierkt war och, dass Waasser-an Kanaltax missten käeschtendeckend verrechent ginn. D'Emsetzen vun der leschter Moossnahm mécht dem Schaefferot awer bei Leiwe keen Spaass, éischter seriöt Kapzerbrieches. Ech weess, dass ët duerfir och Streech gëtt, emsou méi d'näechst Joër och de Gas méi deier soll ginn.

Mee een käeschtendeckenden Waasserpräis ass trotzdem noutwendeg. Iwwert de Prinzip dovunner kann een gedeelter Meenung sinn. Mee an dësem Fall gëtt déi Meenung vun héigerer Stell eis opgedroen.

Am Dezember 2008 gouf an der Chamber dat neit Waassergesetz gestëmmt. Heimat gouf eng europäisch Direktiv emgesat, déi eng käeschtendeckend Berechnung vun dem Waasserpräis virgesäit.

Ab dem 1. Januar 2010 kascht zu Mamer d'Waasser mat Kanaltax 3,50 € pro Fudder, bis elo waren ët 2,05 €.

Vun dem 1. Juli 2010 waerten ët 4 € pro Fudder sinn.

Landwirtschaftlech Betriber bezuelen fir hier Waasser- an Kanaltax am Stall 2,75 € ab dem 1. Januar 2010, respektiv 3 € ab dem 1. Juli 2010.

Fir Waasser an de Päerchen gëtt keng Kanaltax, mee de Waasserpräis vun 1,75 € respektiv 2 € pro Fudder verlaangt.

Bei enger Famill mat 2 Kanner an engem duerchschnëttlechen Waasserverbrauch vun 200 Fudder d'Joër machen dës Upassungen tëschend 350 € an 400 € méi pro Joër aus.

Dat ass vill. Mee mir leien domat bei eis an der Gemeng weiderhin op der ënneschter Skala vun de Waasserpräisser am Land. De reelle Waasserpräis deen mir missten froen, ass domat nach nët erreecht: dësen läit bei 5,55€ pro Fudder. Mat enger Informatiounskampagn wäerten mir d'Leit fir Waasserspueren sensibiliséieren. Stéit déi finanziell Hëllefstellung brauchen, kréien mat enger allocation de vie chère ënnert d'Äerm gegraff.

Madame, Dir Häeren,

Grad wéi de Staat, halen mir och am Joer 2010 un eisem Investitiounsplang fest. Mir liewen net vun der Hand an de Mond. Dat wat mir fir eis lafend Käeschten ze decken net brauchen, investéieren mir an Zukunft. All Investitioun kënne mir dobäi sécherlech nët aus eegener Täsch bezuelen. Eis gudd Finanzsituatioun erlaabt eis, wa néideg, op Friemkapital zréckzegräifen.
Fir 2010 rechne mir mat engem Boni vun 6.525.675 €. Mir konnten insgesamt vun 2004 un ronn 100 Milliounen € investéieren.

Vun dene 100 Milliounen Investissementer sinn bis Enn 2009 der just 20 Milliounen, also grad emol 20% mat Emprunten finanzéiert ginn. Virun 2005 hunn mir iwwerhapt keng nei Schold opgeholl gehat.

Mat jährlechen Ausgaben vun 1,34 Milliounen € bedréit Tilgung vun der Scholdelaascht ronn 17 % vun dem uerdentlechen Boni, viru Remboursement vun Kapital an Zënsen. Verrechent op déi uerdentlech Einnahmen beleeft d'Scholdelaascht sech op ronn 5,5%.

Dës finanziell Situatioun erlaabt eis, an wirtschlaftlech méi schwéieren Zäiten eisen ambitiéisen Investitiounsprogramm och 2010 virun ze féieren, andeems mir ronn 17 Milliounen € wëllen investéieren. Am Prinzip haale mir un all schons gestëmmte Projet fest.

Mir investéieren an deene nächste Joëren nët a Prunkbauten. Mir maachen eis Gemengeninfrastruktur fit fir Zukunft. D'Bierger sollen bei eis déi Basisfunktiounen kréien, déi se sech vun enger moderner Gemeng erwaarden.

Sollten d'Einnahmen am nächste Joër zréckgoen, erlaabt eis déi gesond Finanzkapazitéit och ouni Problem eis Schold zréckzebezuelen.

Domat belaaschten mir och net déi zukünfteg Generatioun. Friemkapital gëtt ausschliesslech fir Investitiounen an nët fir lafend Kaeschten benotzt. Dës Investitiounen hun e laangfristegen Charakter. Kanner déi elo an eng nei Schoul kënne goen, wäerten wuel kee Problem dermat hun, dass hier Hemechtsgemeng un dem Emprunt zréckbezillt bis si an d'Berufswelt antrieden.

Madame, Dir Häeren,

Jo zu Mamer hunn mir eng nei Schoul. Op der Cap wäerte mir eng nei Schoul bauen. D'Planung dofir as voll am Gaang. Déi néideg Krediter sinn am Budget virgesinn. De Bau fäenkt am September 2010 un. D'Gebäi soll 3 Joër duerno fäerdeg sinn. Wéi versprach wäerten d'Kanner vun der Cap an Holzem während der Bauphase net mussen an Container sëtzen, mais si ginn fir déi Zäit provisoresch op Mamer an de Kinneksbond an d'Schoul.

Den Ausbau vun der Primärschoul zu Mamer ass amgaangen an bis de 15. September 2010 fäerdeg. Dësen Ausbau erlaabt, datt während der Bauphase op der Cap, d'Kanner vun do, an enger ugepasster Infrastruktur ënneriicht ginn. Mir hunn domat och zusätzlechen Raum fir eis Maison relais.

Eng dynamesch Gemeng brauch och eng ugepassten Offer vun Kultur an Sport.

Eis Gemeng profitéiert vun de Sportsinfrastrukturen vun dem Lycée Josy Barthel. Mir huelen wat mir kënne kréien. An der Konterpartie, ginn mir awer och, wat mir mengen missten ze ginn.

Op kulturellem Plang iwwerhuele mir regional Verantwortung. Déi regelméisseg ugeféiert Kritiken iwwert d'Ausgaben fir kulturell Manifestatiounen loossen de Schefferot an och vill begeeschtert Bierger déi vun däer Offer profitéieren, kal.

Wann mir wëllen eng modern an dynamesch Gemeng bleiwen, musse mir weiderhin eise Bierger eng ugemoossen Offer un kulturellen Manifestatiounen an villfältegen Fräizäitméiglechkeeten bidden.

E grousse Merci dofir op dëser Plaatz fir déi permanent Ustrengungen vun den zoustännegen Kommissiounen, dem Cercle Culturel Communal, de Veräiner an Associatiounen déi och 2009 erëm eng Kéier bei eisen Awunner och groussen Usproch fond hunn.

Et ass kloer, dass Kulturévènementer, Sportsmanifestatiounen an Duerfanimatiounen hiere Präis hunn. Och an ekonomesch méi schlechten Zäiten bleiwt et weiderhin noutwendeg fir den sozialen Kontakt oprecht ze erhalen.

Besonnesch an eiser Gemeng déi weiderhin wiisst an e groussen Undeel un nët-lëtzebuergesche Matbierger huet. Dofir hale mir als Schefferot un der Politik fest.

Mëtt 2010 wäert de Centre Culturel um Kinneksbond seng Diiren offiziell opmaachen. Di nei gegrënnten asbl Centre Culturel Mamer, di an Zukunft eisen neien Centre culturel wäert verwalten, huet den Optrag een Programm fir Ouverturesfeierlechkeeten opzestellen. Fir hirer Missioun gerecht ze ginn, wäerten si Ufank des Joeres ufänken, dat néidegt technescht an administrativt Personal anzestellen. Niewt de Subsidien vum Staat huet d'Gemeng och e Beitrag un de Fonctionnementskäschten vun 250.000 € virgesin.

De Club Senior, de Mamer Velo an de Mamer Maart grad wéi aner traditionnell a mëttlerweil gudd bekannten Manifestatiounen wäerten och d'nächst Joër weiderhin dozou beidroen, dat d'Bierger sech hei wuelfillen.

D'Renovatioun vun der Sportshal Nic Frantz gëtt och 2010 an Ugréff geholl. D'Veräiner mussen während der Bauzeit zäitweis an d'Schoulsportshal um Kinneksbond an an de Lycée Josy Barthel auswäichen. D'Gesamtaarbéchten belaafen sech op 1,8 Milliounen €. Fir 2010 ass ee Kredit vun 500.000 € am Budget virgesinn.

Demnächst wäert all Haushalt an der Gemeng un de Gas ugeschloss sinn. D'Kanal- an d'Wasserleitungsnetz wäert lafend erneiert ginn, dat an allen dräi Uertschaften an der Gemeng.

Op der Cap gëtt an Zesummenaarbécht mat Ponts & Chaussées op dem ieweschten Deel vun der Arelerstrooss aus der Richtung Wandhaff eng Busspur amenagéiert, grad wéi am ënneschten Deel vum Match bis op den Hiereknapp.

Zu Mamer ginn d'Infrastrukturen am Roudewee grad wéi am Kitschenerewee erneiert. Dës Aarbéchten sinn amgaangen. Wat d'route de Kehlen betrefft, sou gin déi Arbechten zréckgestallt bis den neien Deel vum CR102 tescht der Areler Strooss an der neier Entrée fir an d'Industriezone op der Kielener Strooss fäerdeg ass. De Verkéier fir op Kielen brauch dann net méi durch Mamer ze fueren an d'Aarbéchten kënnen an aller Rou ausgefouert ginn.

D'Rénovatiounsaarbéchten um Waassertuerm zu Mamer fänken 2010 un. Verschidden Drénglechkeetsmoossnahmen géint Iwwerschwemmungen op eenzelnen Plazen an der Gemeng déi mer ugefaangen hunn, sinn, respektiv ginn 2010 färdeg gestallt. Dës Infrastrukturaarbéchten gehéieren awer zu enger moderner an ëmweltbewosster Investitiounspolitik.

D'Rénovatiounsaarbéchten un de Kierchen vun der Cap an Holzem ginn 2010 ofgeschloss. D'Aarbéchten ginn vun de jeweilegen Kierchefabriken gemaach. D'Gemeng bedeelegt sech mat engem Subsid. Och de Bau vun enger neier Morgue um Mamer Kirfecht gëtt an Ugréff geholl. Am Moment ginn sämtlech Pied tëscht de Griewer op eisen 3 Kiefenter erneiert an dës Aarbéchten ginn 2010 ofgeschloss.

Zu Holzem ass den Embau vun der neier Schoul als Crèche esouwait färdeg. Duerno gëtt dës Crèche vun der ASBL Mameranus als conventionnéiert Crèche fir ronn 36 Kanner vun 0 bis 3 Joër bedriwwen.

De Projet vun dem Reamenagement vum Duerfkäer vun Mamer gëtt aus finanziellen Grënn no hannen gesat. De Schefferot huet am Laf vun dësem Joër den Dossier fir d'Upassung vum Bebauungsplang op den Instanzenwee geschéckt. Dës Prozedur wäerten mir virun dreiwen. De Projet selwer mat Geschäfter, Wunnechten an engem ënnerirdesche Parking gëtt an der Zäit je no Entwécklung vun der finanzieller Situatioun realiséiert.

Den Ëmbau am Mamer Schlass fir den Aménagement vun zousätzlechem Bureausraum fänkt demnächst un. Dës Aarbéchten erméiglechen eng Optiméierung souwuel am Interessi vun eise Gemengeservicer an fir d'Leit, déi direkt mat der Gemeng ze dinn hunn. All Servicer fir de Bierger wäerten auschliesslech um Rez-de-chaussée sinn. Den Deel vun den Aarbéchten deen mat der Klimatiséierung ze dinn huet gëtt zäitlech nohannen verlagert.

Konkret gesot, sinn dës zwéin virgenannten Projeten grad wéi d'Erneierung vun der Holzemer Place de la Résistance, zäitlech der Kries zum Opfer gefall.

Tëschend Mamer a Cap ass de Bau vun dem neien Interventiounscenter fir Pompjeen an Protection Civile voll am gaangen. Dëst neit Gebai wäert Ufank 2011 an Betrieb geholl ginn.

D'Wunnen an eiser Gemeng Mamer ass an allen Hisiichten nët bëlleg. Mir sinn, wéi virdrun gesot, ugehaalen dervir ze suergen dat d'Präisser vun den Déngschtleeschtungen a Servicer gréisstendeels käschtendeckend bleiwen. Sou hu mir konsequent Upassungen vum Waasser-

an Kanaltaxen missen maachen fir och nëmmen deelweis käschtendeckend an deenen Beräicher ze fonctionnéieren.

Well de Schefferot sech duerchaus bewosst ass, datt d'*Gemengentaxen* eng substanziell Finanzbelaaschtung fir manner bemëttelt Stéit duerstellen kënnen, hunn mir am Laaf vum Joër 2008 déi sougenannten „*mesures sociales compensatoires*" agefouert. D'Konditiounen fir an de Genoss vun dësen sozialen Moossnahmen ze kommen, wäerten mir iwwerschaffen. D'Grondsteier bleiwt fir 2010 onverännert.

Eng vun de gréissten Erausfuederungen fir eis Gemeng an de nächste Joëren bleiwt *d'Betreiung vun de Kanner ausserhalb der Schoulzäit*. Hei bidden mer elo schon mat eiser Maison Relais „Kinneksbond" eng qualitativ héichwäerteg Offer. Am Moment hu mer zäitweis bis zu 280 Schoulkanner déi Mëttes an eisen Maison Relais'en zu Mamer an op der Kap iessen. Mat der Aféierung vun de Chèques Service huet d'Nofro no de Servicer vun der Maison Relais nach eng Kéier staark zougeholl. Déi gudd Zesummenaarbécht tëscht der Maison Relais, den Elteren, eise Sports- a Kulturveräiner an eise Kommissiounen wäerte mir weider ausbauen.

Wéi an der Vergaangenheet wäerte mir 2010 och weiderhin op eng gesond sportlech Erzéihung vun de Kanner e grousse Wert leeën. Mat der Schoulsporthal um Kinneksbond hu mir elo eng optimal Infrastruktur, an mir wäerten och weiderhin an enker Zesummenarbecht mat der Lasep dofir suergen, datt och die manner sportlech interesséiert Kanner sech op eng spilleresch Art a Weis sportlech betätegegen.

Och den *Ëmweltschutz* bleiwt fir eis weiderhin eng Prioritéit. Fir eis ass den Ëmweltschutz méi ewéi Natur- a Landschaftsschutz. Fir 100.000 € wäerten erleng iwwert de Sicona Aarbéchten am Sënn vun dem Naturschutz an der Biodiversitéit ënnerholl ginn.

Déi an de läschte Joren an der Energie-, Verkéiers- an Wunnengsbaupolitik gemaachten Ustrengungen, wäerten 2010 weidergefouert an ausgebaut ginn.

Bei de gemengeneegenen Infrastrukturen fueren mer weider fir den Energieverbrauch ze reduzéieren an mir probéieren souwäit wéi méiglech zousätzlech regenerativ Energiequellen ze notzen. Am Joër 2008 hu mer ugefaang eng Energiebilanz opzestellen. Mir hunn elo souwäit all eis Gebaier heiran erfaasst, sou datt mer an Zukunft, no e puer techneschen Zousaatzaarbéchten, e permanenten a kompletten Iwwerbléck iwwert eisen eegenen Energieverbrauch wäerten hunn.

Niewent den Niddregenergie- an Passivhäiser ënnerstëtzen mer säit dësem Joër och d'Sanéierung vun ale Gebaier an d'Installatioun vu modenen Ëmwelt- an Energiespurtechnologien. Kierzlech huet eng Etude op nationalem Plang gewissen, dass mir ënnert denen dräi Gemengen am Land sinn, déi déi héchsten Förderzoulagen gëtt.

A Saache Verkéier huet sech an de läschten Joëren an eiser Gemeng vill gedoen, an och an Zukunft wäert Mamer nët am Verkéier erstécken. Mir sinn permanent amgaangen d'Mobilitéit an der Gemeng ze verbesseren.

D'Mobilitéitsetude am Parc d'Activité Capellen läit demnächst vir an mir wäerten dorob hinn och Moosnnahmen an d'Weeër leeden fir dës Industriezone optimal un den öffentlechen Transport unzebannen.

Am Kader vum Schoultransport hu mer dëst Joer nach zousätzlech Pedibuslinnen am Zentrum vu Mamer agefouert. Dës nei Servicer am Interresse vun der Gesondheet vun de Kanner sinn gudd vun den Elteren a Kanner ugeholl ginn.
Och de Pilotprojet Ruffbus vun dem Transportministär am Kanton Capellen ass verlängert ginn. Dëse Service vun deem d'Bierger kënnen dagsiwwer, mat enger reduzéierter Eegekäschtenbedeelegung, profitéieren, fënnt e groussen Zoulaaf, dëst emsou méi dat en säiit kurzem och grouss Geschäftszentren an der Nopeschgemeng bedéngt.

I. Budget rectifié 2009

Éier mir zur méi detaillierter Virstellung vun dem Budget initial fir d'Joër 2010 kommen, muss ech dem Gemengerot opgrond vun dem Artikel 129 aus dem Gemengegesetz Opschloss iwwert den Budget rectifié vun dem lafenden Geschäftsjoër 2009 ginn. Den Budget rectifié 2009 muss deemno och virun dem Budget 2010 gestëmmt ginn.

Déi finanziell Eckdaten fannt Dir am Tableau 1, deen eng Géintiwwerstellung vun dem Buget initial 2009 an dem Budget rectifié fir dat selwëscht Joër mécht.
Tableau 1

	(1) Budget initial 2009	(2) Budget rectifié 2009	Variation (2)/(1)
Budget ordinaire			
Recettes	23.762.641,00	23.736.092,71	-0,11 %
Dépenses	16.465.233,00	16.534.726,81	0,42 %
Excédents	7.297.408,00	7.201.365,90	-1,31 %
Budget extraordinaire			
Recettes	16.659.709,00	8.457.624,00	-49,23 %
Dépenses	18.415.135,00	14.905.820,25	-19.06 %
Excédents	- 1.755.426,00	-6.448.196,25	267,33 %
Budget total			
Recettes	**40.422.350,00**	**32.193.716,71**	**-20,36 %**
Dépenses	**34.880.368,00**	**31.440.547,06**	**-9,86 %**
Excédents	**5.541.982,00**	**753.169,65**	

Am **Budget rectifié 2009** hu mir **uerdentlech Recetten** vun ronn 23,73 Milliounen €. Dës leien ëm 0,11 % manner héich wéi bei der Opstellung vun dem Budget 2009 ageschat.
Hei verdeelen sech d'Ofweichungen haaptsächlech op folgend Posten:

- 25.000 € Subsid méi fir d'Maison Relais ;
- 30.000 € méi Kompensatiounstaxe fir fehlend Parkplaatzen op Privatgrondstécker;
- 108.000 € méi Gewerbesteier ;

Deem géintiwwer hu mer awer och z.b.:

- 75.000 € manner Recetten bei der Kanaltaxe, doduerch dass de Gemengerot déi am Abrëll genehmegt Hausse op der Kanaltax wéinst der aktueller économescher Situatioun nach net applizéiert huet;

- 223.673 € manner un Dotation de l'Etat.

Déi **uerdentlech Dépensen** belafen sech op 16,46 Milliounen €. Si leien 0,42 % méi héich wéi am Budget initial 2009 ageschat. Gréisser Ofweichungen am Verglach zu dem Budget initial goufen ët enner anerem op folgende Posten:

- ronn 46.000 € méi beim Schoultransport durch zousätzlech Fahrten tëscht der Maison Relais Capellen an dem Kinneksbond;
- 110.000 € méi Käschten fir d'Maison Relais durch di gréisser Unzuel vun Kanner no der Aféierung vun den chèque service accueil;

Bei den **ausseruerdentlechen Recetten** leien mir mat 8,45 Milliounen € ëm 49,23 % manner héich wéi ursprünglech ageschat. Dëst kënnt awer virun allem doduerch dat mer vun deenen 8.000.000 € Emprunt di virgesin waren, der nemmen hu missen 4.000.000 € zéien. Desweideren hu mer en Terrain vun 2.000.000 € am Zentrum vu Mamer net wéi ursprünglech virgesinn dëst Joër schons verkaaf, verschidden versprachen Subsidien sinn vun Staat nach net ausbezuelt ginn an am pacte logement kréien mer 1,2 Milliounen manner wéi virgesinn. Dës Einnahmen verlageren sech awer op d'näechst Joër. Ausseruerdentlech Einnahmen kommen ënner anerem op folgenden Posten:

- 600.000 € Subsiden fir den Kinneksbond;
- 500.000 € Subsiden fir den neien Pompjeesbau;
- 967.005 € Subside am Kader vum pacte logement;
- 50.000 € Canaltaxen;
- 198.000 € Subsid fir de Verkéiersgaart op der Cap;
- 1.000.000 € Infrastrukturtaxen;

Ausseruerdentlech Depënsen hunn mir am Joër 2009 fir 14.905.820,25 € gemaach.
Hei schloen virun allem zu Buch:

- 100.000 € fir den Embau vum Schlass, ausstehend Rechnungen opgrond vun Decompten ;
- 1.428.458 € fir de Bau vun engem Centre d'Intervention et de sauvetage régional;
- 7.572.654 € fir de Kinneksbond;
- 311.145 € fir den Bau vun enger Schoul mat Kantine zu Capellen;
- 100.000 € fir d'Crèche an der Schoul zu Holzem;
- 500.000 € fir den Aménagement vum Domaine Beaulieu op der Cap;
- 295.000 € fir Canalisatiounsarbechten an denen 3 Uertschaften vun eiser Gemeng;
- 153.766 € fir de SIDERO (Apport en capital);
- 125.000 € fir de Football- an Basketballterrain am Brill;
- 300.000 € fir d'Kiirch op der Cap an d'Rei ze setzen;
- 100.000 € fir d'Kiirch zu Holzem frësch ze maachen;
- 43.380 € Subsid fir d'Kiirchefabrik Mamer;
- 1.393.366 € fir de Gas an denen 3 Uertschaften vun eiser Gemeng;
- 72.000 € fir d'voirie rurale;
- 150.000 € als Apport en capital fir den Z.A.R.O.;
- 160.000 € fir Verkéiersétuden;
- 296.764 € fir Stroossebauarbechten;
- 233.628 € fir d'Ofrappen vun der Jean Marx Schoul;
- 73.510 € fir de Projet Ruffbus am Kanton Capellen

De Budget rectifié extraordinaire vum Joër 2009 schléisst mat engem Mali vun 6.448.196,25 € of.
Wann een dann nach de Mali vum Exercice 2008 derbeizielt, dee sech op 4.269.925,66 € beleeft däerft de Budget rectifié 2009 mat engem presuméierte Mali à reporter vun 3.516.756,01 € ofschléissen.

III. Budget 2010

D'Eckdaten vun dem Budget 2010 fannt Dir am Tableau 2:
Tableau 2

	(1) Budget initial 2009	(2) Budget rectifié 2009	(3) Budget initial 2010	Variation (3)/(1)	Variation (3)/(2)
Budget ordinaire					
Recettes	23.762.641,00	23.736.092,71	24.096.499,10	1.40 %	1,52 %
Dépenses	16.465.233,00	16.534.726,81	17.570.823,54	6,71 %	6,27 %
Excédents	7.297.408,00	7.201.365.90	6.525.675,56	-10,58 %	-9,38 %
Budget extraordinaire					
Recettes	16.659.709,00	8.457.624,00	17.029.939,00	2,22 %	101,36 %
Dépenses	18.415.135,00	14.905.820,25	19.926.945,12	8,21 %	33,69 %
Excédents	-1.755.426,00	-6.448.196,25	-2.897.006,12	65,03 %	-55,07 %
Budget total					
Recettes	**40.422.350,00**	**32.193.716,71**	**41.126.438,10**	**1,74 %**	**27,75 %**
Dépenses	**34.880.368,00**	**31.440.547,06**	**37.497.768,66**	**7,50 %**	**19,27 %**
Excédents	**5.541.982,00**	**753.169,65**	**3.628.669,44**		
boni reporté	**-4.648.159,77**	**-4.269.925,66**	**3.516.756,01**		
Avoir en fin d'année	**893.822,23**	**-3.516.756,01**	**111.913,43**		

Déi **uerdentlech Recetten** belafen séch op 24,09 Milliounen €. Si leien 1,40 % méi héich wéi am Budget initial 2009.

Tableau 3 – Ventilatioun vun den uerdentlechen Recetten

Chapitre	Libellé	Budget initial 2008	Budget initial 2009	Budget rectifié 2009	Budget initial 2010	Variation initial 2009 initial 2010
1	Administration générale	338.488,00	382.711,00	353.770,00	365.023,00	3,18 %
3	Ordre public et sécurité	57.000,00	62.500,00	54.700,00	49.000,00	-10,42 %
4	Enseignement	1.027.469,61	935.917,00	1.144.774,20	827.324,00	-21,73 %
5	Hygiène et santé	0	0	0	0	0
6	Prévisions sociales	402.881,00	415.800,00	431.552,00	550.572,00	27,58 %
7	Logement, aménagement du territoire, environnement	2.363.670,00	2.454.203,00	2.372.175,00	3.493.445,00	47,27 %
8	Culture, loisirs et cultes	612.645,00	640.065,00	615.533,14	680.665,00	10,58 %
9	Production et transport d'énergie	3.920,00	4.100,00	3.978,00	4.000,00	0,55 %
10	Agriculture, viticulture, domaine forestier	126.529,00	90.529,00	74.700,00	90.700,00	21,42 %

11	Affaires économiques	10.050,00	0	0	0	0
12	Transport et communications	22.537,00	58.600,00	89.032,00	96.468,10	8,35 %
13	Recettes non ventilables	16.842.103,39	18.718.216,00	18.587.700,00	17.939.302,00	-3,49 %
14	Dette communale	0	0	0	0	
35	Dépenses ajournées	0	0	0	0	
36	Reprises pour recettes ordinaires non rentrées	0	0	8.178,38	0	
	TOTAL	**21.807.293,00**	**23.762.641,00**	**23.736.092,71**	**24.096.499,10**	**1,52 %**

Laut Virgaben vun der Circulaire budgétaire vun dem Innenminister plangen mir mat engem Minus vun 1.106.694,00 € un Gewerbesteier an mat engem Plus vun ronn 309.505,00 € un Dotation de l'Etat géintiwwer dem Budget initial vun 2009. Fir 2010 hu mir 8.53 Milliounen Einnahmen un Gewerbesteier an 8,90 Milliounen Recetten bei der Dotation de l'Etat virgesinn. Dat sinn ronn 72,31 % vun den uerdentlechen Einnahmen vun der Gemeng Mamer.

Supplementar Recetten am Verglach zu dem Buget initial vum Joër 2009 ginn ët op folgende Posten:

- 716.000 € méi op der Ofwaassertaxe;
- 30.000 € méi op der Müllabfuhr;
- 297.170 € méi duerch de Verkaf vum Waasser;
- 20.000 € méi Grondsteier.

Déi **uerdentlech Depënsen** belafen sech op insgesamt 17,57 Milliounen €. Am Verglach zu dem Budget initial vum Joër 2009 leien dës ëm 1.105.590,54 € oder 6,27 % méi héich.

Déi uerdentlech Ausgaben klammen méi staark wéi déi uerdentlech Einnahmen. Am Joër 2009 ass d'Scholdelaascht mat 1.240.153 € zu Buch geschloen. Am Budget 2010 gëtt de Remboursement (Kapital + Zënsen) vun der Schold dogéint mat ronn 1.341.929,00 € veruschlaagt. D'Scholdelaascht geet am Verglach zu 2009 em 101.779 € an d'Luucht doduerch dat mir dëst Joer en Emprunt vun 4 Milliounen gezunn an fir Enn 2010 weider 7 Milliounen Emprunt virgesinn. Well dese Prêt vun 7 Milliounen awer mat grousser Wahrscheinlechkeet fréistens Enn 2010 consolidéiert get, hu mer fir d'nächst Joer dorop keen Remboursement vun Kapital am Budget virgesin. Insgesamt mécht den jährlechen Remboursement vun dem Kapital an de Scholdzënsen 7,63% vun den uerdentlechen Ausgaben aus.

Am Joër 2010 wëllen mir och 1 weideren Beamten/in astellen, en ingénieur/architecte fir den service technique.

Wat de salarié am service de sauvetage ugeet, do gesait et esou aus, wéi wann dee Mann/Fra kéint iwwert den Ministère agestallt gin an d'Gemeng sech un senger Pei bedeelegt. Deen Détail muss awer nach mam zoustännegen Ministère ofgeklärt ginn.

Fir 2010 hunn mir viraussichtlech Lounkäschten vun ronn 6,18 Milliounen €. Dëst sinn ëmmerhin 35,21 % vun eisen uerdentlechen Depënsen. Dës Lounkäschten verdeelen sech mat 2,315 Milliounen € op d'Gemengenaarbéchter (hei hunn mir keng grouss Progressioun well een groussen Deel vun dem Iwwerstonnen duerch Congé erageholl gëtt esou wéi ët iwwregens och den Statut unique virgesäit), ronn 1,84 Milliounen € op d'Schoulpersonal a Kantine (part communale), ronn 1.114.000 € Gehälter an der Administratioun, 585.000 €

Gehälter am Service technique, an ronn 334.759 € sozial Beiträg un d'Caisse de Prévoyance, op déi d'Gemeng keen Afloss huet.

Fir 2010 wäerten mir weiderhin alles drusetzen fir am Sozial- an Ëmweltberäich, souwéi Schoul- a Fräizäitberäich eise Bierger eng héich Liewensqualitéit unzebidden.

Fir all dëst weiderhin ubidden ze kënnen, mussen mir op der anerer Säit och kucken fir Geld an d'Gemengekees ze kréien. Dobai gëllt och fir 2010 datt de Schefferot d'Geld sou effizient wéi méiglech asetzen muss.

Am Tableau 4 gesidd dir wéi déi uerdentlech Depënsen op déi eenzel Rubriken verdeelt sinn.

Tableau 4

Chapitre	Libellé	**Budget initial 2008**	**Budget initial 2009**	**Budget rectifié 2009**	**Budget initial 2010**	**Variation initial 2009 initial 2010**
1	Administration générale	2.218.774,00	2.482.513,00	2.544.944,24	2.654.882,13	4,32 %
3	Ordre public et sécurité	287.214,00	300.174,00	289.086,09	337.502,03	16,74 %
4	Enseignement	4.093.857,00	4.408.992,00	4.550.242,65	4.668.722,24	2,60 %
5	Hygiène et santé	8.300,00	8.300,00	5.406,50	6.406,50	18,50 %
6	Prévisions sociales	326.265,00	352.910,00	376.392,23	474.482,00	26,06 %
7	Logement, aménagement du territoire, environnement	3.605.080,00	3.809.428,00	3.793.094,65	4.061.797,54	7,08 %
8	Culture, loisirs et cultes	2.245.020,00	2.255.121,00	2.309.071,49	2.521,385,15	9,19 %
9	Production et transport d'énergie	0	0	0	0	
10	Agriculture, viticulture, domaine forestier	352.637,00	332.115,00	298.034,81	296.374,17	-0,56 %
11	Affaires économiques	21.800,00	16.800,00	36.454,33	48.800,00	33,87%
12	Transport et communications	564.878,00	629.596,00	599.412,62	555.097,88	-7,39 %
13	Dépenses non ventilables	1.364.898,00	1.199.131,00	772.434,20	775.002,85	0,33 %
14	Dette communale	703.716,00	670.153,00	960.153,00	1.170.371,05	21,89 %
	TOTAL	**15.792.439,00**	**16.465.233,00**	**16.534.726,81**	**17.570.823,54**	**6,27 %**

An der Rubrik *«Administration générale»* belafen séch d'Depënsen op viraussichtlech 2,65 Milliounen € fir d'Joër 2010.

D'Frais de fonctionnement vun der Rubrik Administration générale sin mat ronn 792.005 € festgehalen.

An der Rubrik «*Enseignement*» stinn 4,66 Milliounen € Dépënsen. Dëst ass e plus vun 259.730,24 € oder 2.6 % géintiwwer dem Initial vun 2009. Dëst ass doduerch z'erkläeren, datt durch d'Aféieren vum dem chèque service accueil, de Service „Maison relais" weider ausgebaut huet missen ginn an dofir zousätzlech Personal missen agestallt ginn. D'Maison Relais schléit mat Gesamtausgaben vun 864.000 € zu Buch. Deem stinn 723.000 € Einnahmen entgéint. Ënnert dem Strëch bleiwt also eng Bedeelegung fir eis Gemeng vun 141.000 €.

De Gros vun dën Ausgaben an der Rubrik Enseignement besteht och weiderhin aus Personalkäschten an zwar ëm ronn 1,72 Milliounen €, déi direkt fir d'Gemeng ufalen.

De Schoultransport mat insgesamt 3 Bussen mat Surveillance an 5 Pedibuslinnen wäert am Joër 2010 d'Gemeng ronn 460.000 € kaschten.

An der Rubrik «*Prévisions sociales*» hunn mir Ausgaben am Budget 2010 vun 474.482 € stoen. Weiderhin gin do eng ganz Palette un Aktivitéiten vun deenen verschiddenen Kommissiounen an dem Club Senior am Intérêt vun den Bierger, der Famill, an den eeleren Leit ugebueden.

Och de Fonctionnement vum Jugendhaus, wat vun deenen Jonken gudd acceptéiert ginn ass, an och regelméisseg besicht gëtt, fällt hei drënner.

Desweideren hun mer dëst Joer e Kredit vun 100.000 € virgesinn fir verschiddenen jonken Schoulabsolventen d'Méiglechkeet ze ginn bei der Gemeng ze schaffen bis se eng definitif Plaatz fond hunn, dëst am Kader vum Gesetz „Mesures temporaires pour l'emploi des jeunes vum 11.11.2009".

An der Rubrik *«Logement, Amenagement du Territoire et Environnement»* belafen d'Depënsen sech op 4,06 Milliounen €. Dës Ausgaben setzen sech an der Haaptsaach zesummen aus Infrastrukturarbechten vum Sicona an dem Ënnerhalt vun eisen Gréngflächen a Parkanlagen. Dës Ausgaben klammen em 252.369,54 € respektiv 7,08 %. Dëst ass ze erklären duerch di steigend frais d'exploitation vun verschiddenen Syndikater. Sou klammen d'Käschten fir d'Ofwassersyndicat SIDERO vun 727.181 € op 764.109 €, beim SICA ginn se vun 691.000 op 743.000 €. Den SES wärt eis 2010 insgesamt 778.655 € kaschten, wat eng Erhéichung vun 279.655 € bedeit, wat mer mussen fir de Waasserakaaf bezuelen.

An der Rubrik «*Kultur, Sport a Fräizäit*» belaafen sech d'Gesamtausgaben fir d'Joër 2009 op insgesamt 2.521.385 €.

2010 steet am Zeechen vum neien Centre Culturel am Kinneksbond deen seng Diiren wäert fir de grand public opmaachen. Et wäerten demno eng ganz Rei kulturell Manifestatiounen ugebueden ginn, an 2010 gesäit de Budget fir d'éischte Kéier e Subsid vun 250.000 € fir d'asbl Centre Culturel Mamer vir, di den neien Kulturzentrum wäert bedreiwen. Doniewt fannen och wéi all Joer déi gewinnten Fête Populaire, Christmas Moments, an Open Air Festival am Haff vum Mamer Schlass statt, di sech zum festen kulturellen Bestanddeel vun der Gemeng Mamer gemausert hunn.

D'Organisatioun vun den UGDA Musikcoursen wäert d'Gemeng 336.945 € kaschten. Dës ginn nëmmen mat 152.750 € Recetten duerch Aschreiwgebühren respektiv Subsid vum Staat ofgedeckt.

An der Rubrik «*Agriculture, Viticulture et Domaine Forestier*» belafen sech d'Gesamtausgaben op ronn 296.375 €.

An der Rubrik *«Affaires économiques»* hunn mir Ausgaben, déi mat 48.800 € zu Buch schloen. Hei schloen virun allem d'Participatioun un der Industriezone Z.A.R.O. mat 34.800 € zu Buch.

D'Rubrik «*Transports et Communications*» kascht eis ronn 555.098 €. Dëse Posten begräift den Ënnerhalt vun eisen Stroosseninfrastrukturen an d'Käschten fir den öffentlechen Transport wéi z.B. den Late Night Bus.

D'Rubrik «Dépenses non ventilables» falen vun 1.199.131 € op 775.003 € erof, wat nach eng Kéier duerch de staarke Réckgang vun den Scholdzënsen ze erklären ass.

D'Rubrik «Dette communale» wäert e Käschtepunkt vun ronn 1.170.372 € ausmaachen.

Een Bemol an dem Budget 2010, ass, an dat soll net verschwiegen ginn, eng Progressioun vun 6,7% vun den uerdentlechen Depënsen am Verglach zu 2009. An absoluten Zuelen as dat e Betrag vun ronn 1 Millioun €. Dat ass vill wann ee weess, dass d'Einnahmen an daer Zäit nëmmen en 1,40% steigen.
Deen décksten Budgetsposten ass mëttlerweil mat Ofstand den Enseignement mat ronn 4,66 Milliounen €. Hei hunn mir zanter 2004 en Progressioun vun iwwert 60%. Et muss een sech d'Fro stellen op mir am Précoce an an der Spillschoul all Joër zousätzlecht matériel didactique an Mobilier vun ronn 2000.-€ pro classe brauchen.

Et muss een sech d'Fro stellen op mir all Joër weiderhin fir iwwert 200.000.-€ an der Schoul un Informatikskäeschten mussen opbréngen. Ech weess dat sinn keng populär Spuermossnahmen déi ech uschwäetzen, op aneren Plazen wou de Schefferot dëst duerchzitt, schléit Protest entgéint.

Mee eng Progressioun vun 2009 op 2010 vun 2,6% an der Rubrik Enseignement bedeit een Uwuessen vun 259.000 €, dat ass e Véierel vun der Gesamtprogressioun vun den uerdentlechen Depensen vun der Gemeng.

Um Niveau vun der Administratioun générale hun mir een Uwuessen vun ronn 150.000 €, dat ass eng geplangten Neiastellung vun engem Architekt, an fir de Rescht haaptsächlech eng Neiastellung déi mir um Secretariat 2009 haten, déi awer do nëmmen zur Halschent budgetär zu Buch geschloen huet. Zielen mir dës zwou Rubriken zesummen, mat zousätzlech der Astellung vun engem Agent sauveteur dann kommen mir op ronn 450.000 €.

An der Kultur hun mir e Plus vun 250.000 € als Subsid de Fonctionnement fir d'Asbl Centre culturel. Dëst machen dann insgesamt schons 700.000 €, déi reschtlech 300.000 € Méiausgaben fannen mir an der Rubrik Logement an Aménagment du Territoire, dat ass haptsächlech den méi héijgen Beitrag un den SES, duerch e méi deieren Waasserpräis. Dës Ausgaben ginn awer duerch e Plus un Einnahmen gedeckt.

Ech wollt dem Gemengerot also heimat Opschloss ginn, wouduerch déi Progressioun un de Ausgaben kënnt. Dës berouhen op ganz wéinegen Posten, heescht awer och, dass op all aner Posten keng oder bal keng Progressioun komm ass. Do wou mir konnten huet de Schefferot demno schons de Spuerstëft ugeluegt. Wann de Gemengerot trotzdem der Meenung wier, mir häetten eis Spueraufgab nët zur Genüge erfëllt, dann muss een awer och offen soen wou zousätzlech hätt kënnen agespuert ginn.

Recettes extraordinaires. Déi ausseruerdentlech Einnahmen ginn fir d'Joër 2010 op 17.029.939 € ageschat. Dës leien demno ronn 370.230 € méi héich wéi am Budget initial vum Joer 2009.

Folgend recettes extraordinaires siefen erviergestrach:

- 2.180.000 € aus dem Verkaaf vun Terrain'en an der Industriezone op der Cap;
- 1.800.000 € staatlech Bedeelegung um Bau vun engem Centre d'Intervention régional;
- 2.000.000 € fir den Ausbau vun der Primärschoul um Kinneksbond;
- 100.000 € fir den Bau vum neien Schoulkomplex op der Cap;
- 969.476 € Subsid am Kader vum pacte logement;
- 334.000 € Subsid fir den Aménagement vum Jugendhaus an der Traufflerschoul zu Mamer;
- 150.000 € Subside fir d'Feldweeër;
- 500.000 € Infrastrukturtaxen;

Dépenses extraordinaires. Ausseruerdentlech Depënsen sinn am Joër 2010 am Total fir 19.926.945,12 € virgesinn. Dësen héichen Investitiounsvolumen ass fir folgend Projet'en virgesinn:

- 300.000 € fir den Ausbau vun de Büro'en am Mamer Schlass;
- 18.000 € fir den aménagement vun de Büro'en am STC;
- 2.593.617,35 € fir den Bau vun engem Centre d'Intervention régional;
- 8.760.000 € fir den Kinneksbond;
- 750.000 € fir de Bau vun enger Schoul mat Kantin op der Cap;
- 300.000 € fir den Bau vun der crèche an der Holzemer Schoul;
- 100.000 € fir de Concours d'idées fir de Réamenagement vum Zentrum vu Mamer ;
- 25.000 € fir den Bau vun engem Kompetenzzenter fir Energie, Bau an Renovatioun;
- 15.000 € fir Subsidien fir Energiespuermossnahmen säitens de private Stéit ;
- 500.000 € fir de Bau vun enger neier Morgue um Mamer Kiefent;
- 115.000 € fir Ënnerhaltsaarbéchten um Kanal an deenen verschiddenen Uertschaften vun der Gemeng;
- 250.000 € fir Kanalisatioun an Déversoir op der Kräizung rue du commerce/rue Henri Kirpach;
- 337.070 € apport en capital un de Kläranlagesyndikat SIDERO ;
- 61.943 € apport en capital fir de SICA ;
- 200.000 € fir d'Astandsetzen vum Waassertuerm zu Mamer ;
- 394.000 € fir d'Ariichte vun engem Jugendhaus;
- 200.000 € fir e Jardin de Circulation ;
- 500.000 € fir d'Astandsetzen vun der Sportshaal Nic Frantz zu Mamer;
- 120.000 € fir d'Astandsetzen vun der Kiirch zu Capellen;
- 100.000 € fir d'Isoléieren vum Paschtouechhaus op der Cap;
- 189.127 € fir d'Kiefenter an denen 3 Uertschaften;
- 100.000 € fir d'Kiirchefabrik Holzem;
- 500.000 € fir de Gas am Roudewee an Kitchenerwee zu Mamer;
- 400.000 € fir de Gas an verschiddenen Strossen zu Holzem;
- 280.000 € Astandsetzen vun der Feldweeër;
- 100.000 € fir d'voirie vicinale ;
- 400.000€ fir d'Astandsetzen vun der Arelerstrooss zu Capellen ;
- 50.000 € fir d'Astandsetzen vun der rue François Trausch zu Mamer;
- 500.000 € fir d'réfection vun de Stroossen an der cité Mont-Royal zu Mamer;
- 140.000 € fir d'Stützmauer an der rue du Commerce zu Mamer frësch ze maachen (Deel vun der Gemeng);
- 50.000 € fir d'Flécken vun den Trottoir'en op der Cap (cité Kurt);
- 35.000 € fir nei Busheisercher;
- 75.000 € Participatioun um Pilotprojet „Ruffbus" Canton Capellen;

Ofschléissen mécht de Budget 2010 mat engem viraussichtlechen *Boni definitif* vun 111.913,43 €.

Gemengeschold

De Solde vun eiser Gesamtgemengeschold läit haut bei 20,43 Milliounen €. Op den den 31.12.2010 hun mir een zousätzlechen Emprunt vun 7 Milliounen budgetär ageschriwwen. Sollten mir deen och trésorerieméisseg ganz mussen zéien, wäert eis Schold dann bei insgesamt 26.257.080,42 € leien. Verrechent op déi uerdentlech Recetten beleeft sech de Remboursement vun der Gemengeschold op 5,56 %.

Am Verglach zu dem uerdentlechen Iwwerschoss vun 6.525.675,56 € bedréit déi jährlech Scholdelaascht vun 1.341.929,38 € ronn 20,56 %. Mat deem ordinairen Iwerschoss kënnte mir, haut, bannent 3 Joer eis Gesamtschold zëréck bezuelen.

Well eis Gemeng jo och an Zukunft wäert wuessen, sinn eis färdeggestallten an nach geplangten Infrastrukuren an di domadden verbonnen Gemengeschold gerechtfertegt. Well nemmen die wäitsichteg Investitiounspolitik, déi dëse Schefferot schons zanter Joëren applizéiert, erméiglecht dësen gesonden Wuesstum vun eiser Gemeng.

Conclusion: Als Scheffen- a Gemengerot wäerten mir och weiderhin dofir suergen, datt eis Bierger och an méi schwéieren Zaiten weiderhin an enger moderner a leeschtungsstaarker Gemeng wunnen.

Dëst erfuerdert eng permanent an opmierksam Kontroll vun eisen uerdentlechen Ausgaben, doniewt d'Notzen vun allen Méiglechkeeten di et ginn, eis Einnahmen ze steigeren.

Durch de Wuesstum vun eiser Populatioun kënnen mir och weiderhin, dank ënner anerem dem Pacte logement, an der Dotation de l'Etat, am Verhältnis zu anere Gemengen op gréisser Einnahmen vun Säiten vum Staat rechnen.

Dës erlaben eis di néideg Infrastrukture fir d'Bierger vun der Mamer Gemeng ze réaliséieren.

Doniewt wäert de Schefferot sech och weiderhin beméihen, nei Betrieber an domadden nei Aarbéchtsplaatzen an eis Gemeng ze kréien. An dësem Sënn ass och am Laf vum Joer d'Vergréisserung vum Parc d'activités Capellen genehmegt ginn. Mat der geplangter Ëmgehungsstrooss vun der rue de Kehlen, kréien mir och eng zousätzlech Zou- an Ausfahrt fir de Parc d'activités. Dës Strooss, déi vum Staat gebaut gëtt, soll Enn 2011 fäerdeg sinn.

All dës Mossnahmen sins de Garant dofir dat eis Gemeng och weiderhin d'Herausfuerderungen vun deenen nächsten Joëren meeschteren kann. Mat deenen Mëttel di mir zur Verfügung stinn, sinn ech iwwerzeegt, dat eis dat wäert geléngen, an dëst zur Zefriddenheet vun der Majoritéit vun de Bierger aus eiser Gemeng.

Och de Budget 2010 soll e Budget vun der Solidaritéit sinn. Mir wäerten op jiddefall och do sinn fir all déi, déi am Laf vum Joer, opgrond vun der ekonomescher Entwécklung an eisem Land eis Hëllef wäerte brauchen. Obwuel mer durch d'Gesetz gezwongen sinn, eis Taxen a Tariffer op Basis vun den Gestehungskäschten ze héichen, wäerten mir och am Fall wou ët néideg gëtt kuerzfristeg Mossanhmen huelen fir dëse Leit ënnert d'Äerm ze gräifen.

Ofschléissen wëllt ech andeems ech de Leit aus dem Gemengesekretariat an deenen aneren Servicer Merci soen fir hir kompetent Mataarbecht, déi si bei der Opstellung vun dem Finanzplang an dem Budget geleescht hunn an deen sécherlech vill Asaatz mat sech bruecht huet.

Ech sin der Meenung, datt mir als Schefferot all Gemengeconseillee tranparent an informativ Dokumenter virgeluegt hunn, déi eng objektiv an fundéiert Diskussioun vun dem Budget erméiglechen missten. D'Diskussioun an de Vote si fir den 21. Dezember 2009 virgesinn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

c) approbation de titres de recette

Le conseil communal unanimement approuve des titres de recette au montant de 11.745.494,09 €.

3. Fixation des redevances pour l'évacuation et la dépollution des eaux résiduaires à partir du 01/01/2010

Le conseil communal unanimement décide :

(1)

Avec effet au 01/01/2010 sont perçues des redevances pour l'évacuation et la dépollution des eaux résiduaires.

(2)

La perception des redevances se fait d'après les éléments de lecture des compteurs d'eau et les redevances sont fixées comme suit :

Ménages

- 1,75 € par m^3 d'eau potable consommée;
- A défaut de compteur séparé par unité d'habitation, les copropriétés/résidences sont considérées comme constituant un ménage unique. La copropriété/résidence y figure comme client.

Etablissements d'intérêt public, industries, artisanat et exploitations hôtelières, commerciales et institutions internationales:

- 1,75 € par m^3 d'eau potable consommée;

Exploitations agricoles:

Pour chaque m^3 d'eau, consommé dans les exploitations agricoles ne disposant pas dans les étables d'un compteur d'eau distinct, séparé de celui du ménage et installé par la commune, la redevance est de 1,00 € par m^3. Pour les eaux consommées dans les parcs à bétail et étables, pour autant que cette consommation soit établie par des compteurs d'eaux distincts, séparés de ceux du ménage et installés par la commune, aucune redevance n'est perçue pour l'épuration des eaux usées.

(3)

La présente délibération remplace celle du 21/04/2008 portant fixation des tarifs d'épuration des eaux usées.